



Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Energie an der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°5395 vum 15. Dezember 2021 vun dem honorabelen Deputéierten Här Fred Keup iwwert « Industriell Wandanlage béisse bäi Frascht bis zu 20 Prozent vun hirer Leeschtungs-fäegkeet an. Ausserdeem gëtt de Verschleiß staark erhéicht. »

1) Wéi eng Leeschtungsverloschter a Schied opgrond vu Frascht huet d 'Regierung während de Joren 2013 bis 2020 bäi eisen industrielle Wandanlage jeeweils konnte feststellen?

OP Nofro hin beim gréissten Bedreier vun Wandmillen hei am Land, sinn säit 2013 keng Schied opgrond vu Frascht festgestallt ginn. Wandmillen vun der neierster Generatioun ginn mat engem sougenanntenen „Rotorblattheizungssystem“ ausgerüst, wouduercher Produktiounsverloschter duerch Äisusaz däitlech kënnen reduzéiert ginn. Wandmillen mat deem System hu ronn 50 bis 60% manner Verloschter am Fall vun Äisusaz wéi Wandkraaftanlagen ouni deem System. E Retrofitting vun alen Wandmillen ass awer net méiglech.

Dank dësem System kënnen déi järelech Produktiounsverloschter wesentlech reduzéiert ginn, op ongeféier 0,5-0,8% pro Joer.

2) Wéi eng chemesch Mëttele sinn an där Zäitperiod agesat ginn, fir eis industriell Wandanlagen ze entäisen? Koumen hei och potenziell ëmweltschiedlech Substanzen zum Asaz?

Et gi keng chemesch Mëttele oder aner potentiell ëmweltschiedlech Substanzen benotzt fir d'Rotorblieder vun de Wandmillen ze entäisen. Dëst gëllt fir Wandmillen mat oder ouni Heizungssystem.

3) Wéi héich sinn d'Käschten déi dës Entäisunge mat sech bréngen?

Et entstinn keng Käschten fir Wandmillen ouni Heizungssystem, et kënn just zu enger Ausfallzäit well eng Wandmillen mat Äisusaz ofgeschalt gëtt. Bei Wandmillen mat Heizungssystem entstinn Käschten fir d'Hëtzen vun de Rotorblieder, déi awer vernoléissegbar sinn am Verglach zu den aneren Betriebskäschten an och am Verglach zu der zousätzlech méiglecher Stromproduktioun vun der Wandmillen.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

4) Wéi beurteelt d'Regierung d'Aschränkung am Hibréck op déi allgemeng Volatilitéit vun den erneierbaren Energien, déi am Wanter souwisou héich ass a woubäi de Wanter och deen Zäitraum duerstelt, wou am meeschten Energie gebraucht gëtt?

Doduercher dass d'Produktiounsverloschter geréng sinn (an ënnert engem 1% leien) kann ee nët vun enger Aschränkung schwätzen. Bei den erneierbaren Energien ginn et nach aner Energieträger (Bsp. Photovoltaïk, Waasserkraaft, Biomass a Biogaz) déi alleguerten ënnerschiddlech Volllaaschtstonnen an Produktiounsprofiller hunn. Dofir sinn Flexibilitét- an Späichertechnologien an och d'Sektorkopplung sou wichteg am Stroumnetz vun der Zukunft.

Lëtzebuerg, den 30ten Dezember 2021

De Minister fir Energie

(s.) Claude Turmes